Depot: Jeff Engelen
PL 8494

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2025

1

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- d'Eisebunnstunnellen am Norde vum Land e beträchtlechen Alter vun iwwer 160 Joer erreecht hunn;
- d'Astierze vum Tunnel Schieburg en éischt Warnsignal war, datt änlech Virfäll och méi dacks kéinte virkommen;
- de Rutsch vun der Fielsformatioun bei Bierden, déi hätt misse stabiliséiert ginn, e weidert Warnsignal war, datt änlech Virfall och méi dacks kéinte virkommen;
- deen ursprénglech festgesaten Delai fir d'Stabiliséierung vum Tunnel Schieburg net konnt agehale ginn;

ass sech bewosst, datt

- deemools méintelaang Stabiliséierungsaarbechte fälleg waren;
- et schwéier virauszegesi war, wéi laang dës Aarbechten dauere sollten;
- deemools bal de gesamten Zuchtrafic am Norden zesummegebrach ass, mat dramatesche Konsequenze fir all déi Leit, déi Dag fir Dag op den Zuch, respektiv op den ëffentlechen Transport ugewise waren;

fuerdert d'Regierung op,

- sou séier wéi méiglech eng Etüd ze maachen, fir eng weider Gleisspuer an den Norden ze realiséieren, sief dat nieft der aktueller Linn, oder awer eng ganz nei Linn.

Jeff Engelen